
# KOMMUNIKATIOUN

## ENG NEI STRATEGIE FIR ENG BESSER KOMMUNIKATIOUN VUN DER GEMENG GÉISDREF!

**Léiwe Lieser, léif Lieserin,**

**De Schäfferot ass houfreg, lech déi éischt Editioun vun der „*Géisdrefer Lanter*" kennen ze presentéieren, enger Informatiounszeitung vun der Gemeng Géisdref, déi 2x am Joer erauskënnt.**
**D'Géisdrefer Lanter ass eent vun den Elementer vun dem neie Kommunikatiouns-konzept, dee vun der Firma *CoCenTing* an Zesummenaarbecht mam Sandy Floener ausgeschafft gëtt, an Etapp fir Etapp vun de Gemengepolitiker validéiert gëtt. Ugefaange gouf mat Interviews mat +-20 Awunner aus der Gemeng, dunn d'Ausschaffe vun engem neie grapheschen Ensembel, bis zur Festleeung vun engem Kommunikatiounsuniversum, ginn hei all déi zukünfteg Supports festgeluecht, iwwer déi d'Awunner vun der Gemeng informéiert ginn.**






# EN OPPENT OUER FIR D'MEENUNG VUN DE BIERGER.

Fir d'Bedierfnesser vun eise Matbierger besser ze verstoen an op des anzegoen, huet de Gemengerot de Claude Nesser mat senger Firma CoCenTing am Fréijoer vum Joer mat dëser Charge beoptraagt, ganz no Motto *„Let's be consumer centric"*. Den Awunner goufen a perséinlechen Interviewen 20 Froe gestallt, déi dem Claude Nesser gehollef hunn, d'Grondlagen, d'DNA an d'Perséinlechkeet vun eiser Gemeng opzestellen.

D'Äntwerte goufen dem Gemengerot an enger Synthees presentéiert, wou d'Stäerkten, d'Schwächten, d'Chancen an d'Gefore vun eiser Gemeng resuméiert goufen. Ouni lo ze vill an den Detail ze goen, kenne mir Iech voller Stolz matdeelen, dass d'Majoritéit vun den Awunner zefridden, jo souguer houfreg ass, an engem vun eise 7 Dierfer ze wunnen.

Doropshin hu mir beschloss an de kommende Méint a Joren, d'Stäerkten déi eiser Gemeng zougeschriwwe goufen nach weider ze verfeineren a gläichzäiteg ze versichen, eis Schwächen auszegläichen.
All déi am Virfeld duechgefouerten Analysen, hunn eis eng gutt Aarbeschtsgrondlag verschafft, fir mat der Elaboratioun vun enger neier Kommunikatiounsstrategie weiderzefueren.

Ziel ass et, sech kloer, koherent an transparent auszedrécken an dobäi interessant Themen ervirzehiewen, déi Ären Erwaardungen entspriechen.

# ENG REI VU GEDRÉCKTEN AN DIGITALE KOMMUNIKATIOUNS-MËTTELEN

Kommunikatiounswelt baséiert op de folgenden dräi Mierkmoler iwwert Perséinlechkeet vun eiser Gemeng: *„Congenial, Attractive & Protective"*, kuerz CAP. Dës 3 Piliere wäerten d'Theme bilden, déi ënnert anerem an eiser Gemengenzeitung opgegraff ginn.

Konkret handelt et sech haaptsächlech em folgend Themen:

- Dat soziaalt, kulturellt a sportlecht Liewen
- Schéinheet vun der Landschaft an d'Gefill vum gudde Liewen
- Ökologesch Aspekter
- Ëffentlech Verkéiersmëttel a „mobilité douce"
- Kommunal Infrastruktur a Projeten

# GEDRÉCKTE MEDIEN.
# *„GÉISDREFER LANTER“*




Den Numm, dee mir fir eis Zeitung gewielt hunn, huet säin Ursprong an der Geschicht vun eiser Gemeng; « *d’Antimon Minn* », eng weit iwwert eis Grenze vum Territoire eraus bekannte Minn. Dës Minn gouf joerhonnertelaang genotzt, fir e seelent Äerz ze gewannen, fir et mat Zënn a Koffer ze vermëschen.
Joerzéngtelaang hunn d’Aarbechter Fakelen a Lantere benotzt, fir bei hirer Aarbecht ënnert dem Buedem besser kennen ze gesinn.
Fir den Awunner e besseren Abléck an d’Liewe vun eiser Gemeng ze erméiglechen, si mir zum Entschloss komm, dësem Medium den Numm « *Géisdrefer Lanter* » ze ginn. Des wäert zweemol am Joer an all Bréifboîte verdeelt ginn. Mir hunn eis fir zwou Haaptsprooche fir Zeitung decidéiert, Franséisch a Lëtzebuergesch, fir méiglechst villen Awunner den Zougang zu den Informatiounen ze erméiglechen.
Wien Interessi huet, eppes zum Inhalt vun der Géisdrefer Lanter bäizedroen, kann dëst maachen andeems en een Artikel (*Lieserbréif*) un de Service vun der Kommunikatioun schéckt: *communication@goesdorf.lu*






# *SCHOULBICHELCHEN*

Déi éischt Ausgab vum Schoulbichelche gouf am Ufank vum Schouljoer 2022/2023 un all Bierger a Biergerinne verdeelt. Säin Inhalt konzentréiert sech natierlech op Schoulaktivitéiten an alles wat direkt oder indirekt domadder zesummenhänkt.
Well de neie Schoulkomplex zu Dol, de lo all d'Acteure vun der formaler an non-formaler Bildung op enger Platz zesumme bréngt, Auswierkungen op den Trafic zu Dol huet, gouf Schoulbichelchen déi éischte Kéier un all Stot verdeelt. Fir déi nächst Ausgab hu mir geplangt, dass et just nach un déi betraffen Eltere verdeelt gëtt.




# DÉI DIGITAL KOMMUNIKATIOUNSMËTTELEN.

## DEN INTERNETSITE *WWW.GOESDORF.LU*

Den Internetsite wäert weiderhin déi primär Informatiounsquell vun der Gemeng bleiwen. De Site enthält déi wichtegst Informatiounen iwwer d'Funktiounsweis vun der Gemeng, sou wéi Déngschtleeschtungen déi den Awunner ugebuede ginn. An der éischter Hallschent vum Joer 2023 gëtt den Internetsite iwwerschafft.

SMS2CITIZEN

## DE NORIICHTEN-DÉNGSCHT *SMS2CITIZEN*

Den Noriichtendéngscht *sms2citizen* gëtt nach virum Summer 2023 eise Bierger ugebueden, fir dass kee méi eng wichteg Informatioun vun der Gemeng verpasst.

An der éischter Ausgab 2023 vun der Géisdrefer Lanter wäerte mir méi an den Detail goen, wat déi verschidden digitale Medien ugeet.

## *FACEBOOK / COMMUNEDEGOESDORF*

Fir ëmmer gutt iwwert d'Aktualitéiten an d'Aktivitéite vun der Gemeng informéiert ze sinn, luede mir all Bierger a Biergerinnen an, eis Facebook-Säit ze „*liken*", déi och am Laf vum Joer 2023 un den neie Brand Universe ugepasst gëtt.



GOESDORF
Gemeng Géisdref
Hei wëll ech bleiwen!

GOESDORF
Gemeng Géisdref
Hei wëll ech bleiwen!

GOESDORF
Gemeng Géisdref
Hei wëll ech bleiwen!

GOESDORF
Gemeng Géisdref
Hei wëll ech bleiwen!



# ENG GRAFESCH IDENTITÉIT FIR ENG BESSER SIICHTBARKEET *(LIVING LOGO).*

Fir eis Kommunikatiounsstrategie ze begleeden, gouf e neie Logo souwéi e neit graphescht Universum vun der selbststänneger Graphikdesignerin Zoë Mondloch e ntworf an entwéckelt.

D'Wope spigelt net méi d'Perséinlechkeet vun eiser Gemeng erëm.

Well et als ze distanzéiert empfonnt gouf, a net méi déi gewënschte Botschafte vermëttelt, hu mir eis eng nei visuell Identitéit zougeluecht.

De neie Logo ass méi modern a méi schlicht, a gräift déi charakterlech Elementer vun eiser Gemeng op.

De Waassertuerm vun Dol, den duerch seng spezifesch Form scho vu wäitem erkennbar ass, befënnt sech an enger natierlecher Ëmgéigend. Dat besonnescht um Logo ass, dass et zu enger neier Ära vun de Logoe gehéiert, déi als „living logo" bezeechent gëtt.

Seng grafesch Duerstellung ass net fix, mee entwéckelt sech am Laf vun de Joreszäiten. Nieft der Haaptversioun (Summer) wäert dir en op verschiddene Medien a senger Fréijoers, Hierscht a Wantervariant entdecken.




# *DE SERVICE KOMMUNIKATIOUN VUN DER GEMENG*

De Service Kommunikatioun ass fir den Informatiounsfloss tëschent de Bierger an de verschiddenen Departementer vun der Gemeng zoustänneg.

Dëse Service këmmert sech ënnert anerem em d'Veréffentlechung vun der Géisdrefer Lanter, koordinéiert d'Organisatioun vu Manifestatiounen, hält den Internetsite op dem neiste Stand a fëllt d'Facebook Säit mat Inhalt.

Wann Dir Froen, Iddien oder Verbesserungsvirschléi hutt, stinn Iech d'Sandy Floener a seng Mataarbechter zur Verfügung.

**KONTAKT:**
Sandy Floener
**E** communication@goesdorf.lu

# *« HEI WËLL ECH BLEIWEN »*

Zu gudder Läscht, hu mir och lo en „Slogan".

D'Ausso « Hei wëll ech bleiwen » geet aus den Interviewen ervir, déi mir mat de Bierger gefouert hunn. Verschidde Persounen, déi net aus der Regioun stamen, soten, dass Si net méi vun hei wéilte fort goen.

Eng schéin Ausso, déi dat gutt Liewen, dat der Gemeng attestéiert gëtt, perfekt erëmspigelt.